



gi bei Dageselteren, ass stabil bliwwen. Dat huet domadder ze din, datt mer duerch de Qualitéitscontrôle, dee mer gemaach hunn am Abrëll 2018, festgestallt hunn, datt der ganz vill eigentlech Karteiläiche waren, déi keng Kanner méi haten. An déi sinn an der Statistik elo net méi dran. Duerfir ass eben d'Zuel vun de Kanner, déi bei Dageseltere betreit ginn, och plus ou moins stabil bliwwen.

Dat heite bitt jo och - an dat war eng vun de Motivatiounen, vläicht net déi wichtegst, mä eng vun de Motivatiounen, fir op de Wee vu Minicrëchen ze goen - eng Perspektiv fir Dageselteren, déi sech kënnen associéiere mat enger Educatrice oder engem Educateur, fir dann esou eng Struktur opzemaachen. Et steet och néierens, datt dat just zwee Leit dierfe sinn. Et mussen der zwee sinn. Sécherlech, jee no Öffnungszäite mussen dat der jo och méi sinn. Mir musse jo och kucken, wéi do d'Aarbeitsrecht kann agehale ginn.

An déi Fro vum Remplacement, mengen ech, déi stellt sech hei gradesou gutt wéi bei enger anerer Crèche. Dat heescht, et brauch ee Remplaçanten. Déi stellt sech awer am extremste Fall sécherlech och bei den Dageselteren, well wann ee sech dorobber verléisst an et ass en Einmannbetrieb oder Einfraubetrieb, fir da genderméisseg korrekt hei ze sinn, da stellt déi Fro sech ganz, ganz radikal. An do huet ee jo keen Zweeten oder Drëten, deen emol eng Kéier do kann asprangen.

Ech soe Merci fir déi breet Zoustëmmung. Ech hoffen, datt mer hei ebe kënnen enger Demande um Terrain nokomme vun den Eleren, datt mer méi kleng Strukturen och queesch uechtert d'Land kréien: am ländleche Raum, an den Dierfer, fir net duerch dräi aner Dierfer an d'Crèche moies mussen ze fueren, mä bei sech am Duerf, bei sech an der Strooss eppes ze fannen; an de Stied, fir net duerch d'ganz Stad mussen ze fueren, fir an engem anere Quartier eng Crèche ze fannen, mä och do bei sech am Quartier, bei sech an der Strooss eng Léisung kënnen ze fannen. Dat wär eigentlech mäi Wonsch heibäi.

Dat solle mer dann och roueg an dräi Joer feststellen. Déi Motioun, déi hei vun der CSV abruucht ginn ass, schéngt mer net ganz nei ze sinn, kënnt mer iergendwéi bekannt vir. A well ech mat enger Evaluatioun vun der gudder Politik, déi mer maachen, absolutt kee Problem hunn, géif ech deem dann och zoustëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och. An da kéinte mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7302 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7302 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

Mir hu 54-mol Jo, 2-mol Neie, 3 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7302 est adopté par 55 voix pour, 2 voix contre et 3 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Claude Wiseler), Nancy Arendt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par M. Georges Engel), Mmes Taina Boffering, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz);

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber d'accord mat enger Dispens vum zweete Vott?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen iwwergoen zum Projet 7140 betreffend d'Hëllef fir d'Kleng- a Mëttelbetriber. An d'Rapportrice...

► **Plusieurs voix.** - D'Motioun!

Motion 1

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Richtig! Ech war schon in vorseilendem Gehorsam, well jiddwereen domat d'accord ass. Mä ech mengen, mir mussen awer nach en Handzeeche maachen.

Vote sur la motion 1

Wien domat d'accord ass, gëtt wann ech gelift Handzeechen.

Wien ass dergéint?

Gëtt et Enthalungen?

Mir hunn Unanimitéit derfir. Villmools Merci. Ech hätt mer et net verzien.

Madamm Tess Burton, Dir hutt d'Wuert.

4. 7140 - Projet de loi relatif à un régime d'aides en faveur des petites et moyennes entreprises et portant abrogation

1) des articles 2, 3, 4 et 6 de la loi modifiée du 30 juin 2004 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes; et

2) de l'article 4 de la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1° le développement et la diversification économiques, 2° l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie

Rapport de la Commission de l'Économie

► **Mme Tess Burton (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, 210.000 Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg si vun 32.000 klengen a mëttelstännische Betriber geschafte ginn. Dat si 55% vun all eisen Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg. Dës Zuele schwätze fir sech. Eis kleng a mëttelstännisch Betriber spillen eng ganz wichteg Roll an der Entwécklung vun eisem Land.

Mä vu wiem schwätze mer iwwerhaapt? Wie sinn dës kleng a mëttelstännisch Betriber, ofgekierzt och PME genannt? Dat si Betriber, wou manner wéi 10 Leit, 50 Leit, op jidde Fall manner wéi 250 Leit schaffen, déi e Chiffre d'affaires pro Joer maache vun net méi wéi 10 Milliounen oder 50 Milliounen. Dat ass zum Beispill den Depositair, deen hei dat Waasser geliwwert huet, dat ass de Schräiner, deen dat Pult hei gebaut huet, dat ass den Elektriker, deen de Mikro hei installéiert huet, dat ass dat Geschäft, wou ech déi Jackett hei kaaft hunn. Am Fong kleng Entrepreneuren, mat deene mer all Dag am Kontakt sinn.

Mä et gëtt net all Dag iwwer se geschwat. Oft gëtt nämlech vun de Leit dobaussen an der Effentlechkeet léiwer iwwer grouss Betriber wéi Google, eng Juggurts- oder Steewollfabrik geschwat, déi och zur Entwécklung vun eisem Land géife bäidroen, mä et kéint een heiansdo mengen, dass d'Aarbecht vun eise klengen a mëttelstännische Betriber als selbstverständlech ugesi gëtt. Ganz nom Motto: Et leeft jo, si ginn eens.

Ma grad dat ass net de Fall. Eis Betriber liewen haut an enger Zäit, wou si sech ëmmer méi schnell mussen upassen. Si mussen Investitiounen maachen, sech vergréisseren, hir Produktiounslinn erweideren, bee si mussen e ganze Koup méi Efforte maachen, fir kompetitiv ze bleiwen, ewéi dat viru Joren nach de Fall war. Mä och fir um Marché iwwerhaapt Fouss ze faassen, ass net ëmmer evident fir jonk Entrepreneuren. Fir nei Clienten aus dem In- an dem Ausland unzezielen, erweist sech heiansdo och ganz schwierig. An och d'Digitalisatioun ass fir vill Betriber net einfach ëmzesetzen. An dat sinn Erausforderungen, deene sech eis Betriber all Dag stelle mussen.

An dofir ass et richtig, dass de Wirtschaftsministerium an Zukunft d'PMEen nach méi ënnerstëtzt wäert. De Ministère gesäit sech als de Partner vun de PMEen, den Alliierten un hirer Säit, fir dës Erausforderungen ze meeschteren, an do wäert dëst Gesetz iwwert d'Regelwierk vun den Aiden eng ganz wichteg Roll spillen. Domat kann de Ministère de PMEen nach méi hëllefen, sech ze entwéckelen a kompetitiv ze bleiwen.

Wéi grad gesot, geet et hei an deem Gesetz ëm d'Aidë fir d'PMEen. Dat Gesetz ass d'lescht Joer den 18. Mee vun der Statssekretärin fir de Wirtschaftsministère deposéiert ginn.

Fir kuerz de Kader nach eng Kéier ze setze vun dësem Gesetz: 2014 huet d'Europäesch Kom-

missioun hiert ganzt Regelwierk am Beräich vun de Statshëllef iwwerschaaft. De Prinzip ass ëmmer bliwwen, dass Statshëllef just a verschiddene Beräicher erlaabt sinn. Aiden an der Fuerschung, an der Energie an am Envrionnement souwéi och fir benodeelegt Regiounen a fir d'PMEe sinn erlaabt. Fir d'Fuerschung, d'Energie an den Envrionnement an d'Régions défavorisées hu mer eist Regelwierk hei zu Lëtzebuerg schon ugepasst. A mat dësem Gesetz hei passt Lëtzebuerg sech och un de véierte Beräich un.

Des Weidere gëtt vun dësem Gesetz profitéiert, fir d'Aidë fir d'PMEen alleguer an ee Gesetz anzeschreiwen. Well bis 2013 war de Ministère des Classes moyennes getrennt vum Ministère de l'Économie. Fréier hat jiddwereen nämlech seng eege legal Basis, déi mer dann elo hei zesummeféiere wäerten.

Mat dësem Gesetz ginn also eis Texter alleguer harmoniséiert. An Zukunft gëtt et dann elo just nach een Text fir d'Fuerschung, fir d'Energie an den Envrionnement an eben och just een Text fir d'Aidë fir d'PMEen, soudass dat och méi transparent gëtt fir d'Betriber.

De Gesetzestext ass déi drëtt Reform, mat där d'Dispositiounen vun Hëllefsgimmern fir d'PMEen definéiert ginn. En éischt Gesetz an deem Kontext gouf 1969 gestëmmt an ass dun 2004 duerch déi aktuell Bestëmmungen ersat ginn, déi sech déi lescht Joren och bewäert hunn.

Här President, den neie Regime d'aides reit sech an an d'Strategie vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun hei zu Lëtzebuerg. Et ass nämlech wichteg, dass mir eis Wirtschaft weider diversifizéieren, dass mir nei Weeër sichen, fir eise Wuelstand ze erhalen. Well d'PMEe sinn e wichtige Motor fir de wirtschaftleche Wuessum an d'Schafung vun Aarbechtsplazen. Dofir muss och d'Entrepreneuriat hei zu Lëtzebuerg gefërdert ginn, dëst net nëmme fir nei Investisseuren aus dem Ausland op Lëtzebuerg ze zéien, mä och grad eise lokalen Entrepreneuriat, well dës seng fest Plaz an der Lëtzebuerger Wirtschaft huet.

Et gëtt schon eng Rei Begleetmesurë fir nei Entrepreneuren, déi sech hei zu Lëtzebuerg instaléieren. Mä e Schlëselement fir dës nei Betriber bleift déi finanziell Ënnerstëtzung. A mat dësem Gesetz iwwert de Regime d'aides vun de PMEen, dat mir haut hei stëmmen, stellt de Ministère fir déi nächst fënnf Joer eng Enveloppe budgétaire vun 89 Milliounen zur Verfügung. Dat si 27% méi wéi déi Period virdrun. De Ministère huet bei dësem Gesetz all Montante genotzt, déi Bréissel a sengem Reglement virgesinn huet.

Här President, mat dëser Reform vun den Hëllefsgimmern fir d'PMEe sollen natierlech och d'Ziler vun der drëtter industrieller Revolutioun erreecht ginn. An dëst duerch fristgerecht, innovativ Investissementer an d'PMEen, fir hir Leeschtungen nach ze verbesseren. Et wäerten Efforten an der Digitalisatioun souwéi och an der Zirkularwirtschaft mat dësem Gesetz ënnerstëtzt ginn.

Mä komme mer elo op den Detail vum Projet de loi. Wéi eng Aidë wäerten et an der Zukunft fir d'PMEe ginn? De Projet de loi iwwerhëlt dräi Aiden, déi et schon am Gesetz vun 2004 gouf. Dat ass engersäits d'Bäihëllef fir Investissementer fir d'PMEen. Zweetens, d'Hëllef fir d'Berodungsservicer fir d'PMEen. An drëttens, d'Hëllef wann d'PMEe bei Foiren oder Expoe matmaachen.

Aner Hëllef an deem Gesetz vun 2004 goufe schon duerch aner Gesetzesprojeten ëmgeännert. Dëst betrëfft besonnesch d'Hëllef, déi den Ëmweltschutz, d'Innovatioun, d'Fuerschung an d'Entwécklung betreffen. Kuerz, fir nach eemol op déi dräi bestoend Aiden anzegoen: D'Aide à l'investissement en faveur vun de PMEen ass eng Aide, déi et schon als Basis an deenen zwee anere Gesetzer gouf, déi dem Ministère et erlaben, engem Betrib eng Hëllef ze ginn, fir zum Beispill eng Extensioun, eng Diversifikatioun vu senger Produktiounslinn oder e fundamentale Changement, wéi se operéiert, ze maachen.

Da bleift och an deem neie Gesetz d'Aide fir d'Berodungsservicer bestoen. Hei kann de Ministère de PMEen ënnert d'Aerm gräfen, wa se extern Berodung wëllen hunn. Déi dierf awer net fiskaler, juristescher oder publizitärer Natur sinn, mä éischer wann d'Firma eng Berodung wëllt hunn, fir sech ze digitaliséieren oder sech ëmzestrukturéieren.

An och d'Hëllef fir d'Participatioun u Foirë bleift an deem neie Gesetz bestoen. De Ministère kann d'PMEen, wa se u Foiren deelhuefen, hei am Land oder am Ausland, finanziell ënnerstëtzen. An do kann de Ministère bis zu 50% vun de Fraisen iwwerhuelen.

Dann zu deenen neien Aiden: Wéi gesot, féiere mer mat dësem Gesetz gläich véier nei Aiden

an. D'PMEe kréien an Zukunft Hëllef, wa si un europäesche Projekte wëlle matschaffen, zum Beispill e Projet aus der Groussregioun, do kann de Ministère bis zu 50% subventiounéieren.

Da gëtt eng nei Aide agefouert fir jonk Entrepreneuren. Dat sinn Entrepreneuren, déi net op der Bourse cotéiert sinn, déi net méi al wéi fënnf Joer sinn an déi bis elo och nach keng Gewënner gemaach hunn. Am Beräich vun de Start-uppe ginn et schon Aiden, déi sech awer méi op innovativ Entreprisë konzentréieren. Mat dëser Aide hei, déi agefouert gëtt, soll e kloert Zeeche gesat ginn, dass net nëmme déi innovativ Betriber ënnerstëtzt ginn, mä och déi jonk Betriber aus deem klassesche Beräich. Am europäesche Reglement ass do eng Maximalhëllef vu 400.000 Euro virgesinn, déi de Ministère hei och komplett iwwerholl huet.

Eng weider Aide ass dann déi fir d'Risikofinanzéierung fir d'PMEen. Dës Aide ass zréckzeféieren op e Constat, dee gemaach ginn ass, dass et ëmmer méi schwierig ass fir eng Entreprise, zemoools bei de PMEen, sech de Finanzement fir hir Projekte bei de Banken ze sécheren. Dowéinst ass de Ministère op de Wee gaangen, fir do eng extra Mesure ze schafen. Haut ginn et zwou Mutualitéiten zu Lëtzebuerg, déi als Garant kënnen matgoen am Kader vun engem Projet. Dat heescht, si sti Bierg, am Fall wou e Projet schifgeet, mussen si fir hir Garantie asprangen. Säit 2009 gouf et e Kriseninstrument, wou de Ministère bei de Mutualitéite mat 50% konnt intervenéieren. Mä do war de Budget awer limitéiert. An am Kader vun dësem Projet de loi kann de Ministère an Zukunft bis zu 80% vun der Perte op engem Projet droen.

Esou eng Initiativ ass néideg ginn, well d'Banken ëmmer méi Garantie wëllen hunn. An et soll awer och verhënnert ginn, dass mir net an eng Situatioun komme wéi vill aner Länner, wou et ganz schwéier ass, fir nach Projeten iwwerhaapt finanziert ze kréien.

An eng lescht Aide, déi nei agefouert gëtt, ass déi, déi de Ministère kann ausbezuelen, wann eng Entreprise Opfer gëtt vun enger Naturkatastroph. Eng Naturkatastroph kann en Aerdbeewe sinn, en Aerdursch, eng Iwwerschwemmung, en Tornado, en Hurricane oder Bränn, déi net vum Mënsch verursaacht gi sinn. De Ministère kann elo mat dëser Hëllef hei bis zu 100% intervenéieren, souwuel fir de Schued wéi och fir den Ausfall. Fir dass dës Mesure kann ugewannt ginn, muss allerdéngs d'Regierung den Incident als Naturkatastroph astufen.

Leider ass Lëtzebuerg vun esou Naturkatastrophen an der leschter Zäit net verschount ginn. Mir erënneren eis un déi schlëmm Wiedere virun zwee Joer am Ernzdall a virun engem Mount am Mëllerdall, wou vill Leit, mä och Betriber, hir Existenz verluer hunn. De Moment hunn an der Regioun Mëllerdall Entrepreneuren net nëmme Schued wéinst dem Waasser, mä och Ausfall, well se hire Betrib net opmaache kënnen, gradesou wéi aner Entrepreneuren, déi elo kee Schued hate wéinst dem Waasser, mä dofir awer Ausfall hunn, well se op d'Infrastrukturen ugewise sinn, déi duerch d'Wiederzerstéiert gi sinn, sief dat zum Beispill d'Wanderweeër oder d'Zougangsstroossen. Dofir ass dës Hëllef sécherlech eng ganz grouss Erlichterung fir dës Betriber.

Da wëll ech nach kuerz drop agoen, wéi déi Aiden alleguer ausbezuelen kënnen ginn, dat kann nämlech ënnerschiddlech sinn. Bei deene meeschten Aiden ass et eng Direkthëllef, also Suen, déi d'Betriber kréien. Mä dat kann och just eng Avance sinn oder Zënsvergëschteungen. Bei der Aide fir jonk Entrepreneuren an d'Risikofinanzéierung kann dat och eng Garantie, e Prêt oder eng Bedeelegung un de Fonds propres sinn.

An dann ass och nach ze erwänen, dass am Gesetz en Artikel steet, dass d'Avancen, déi de Ministère gëtt, och kënnen oder mussen zréckbezuelen ginn, wann d'Entreprise Erfolleg huet.

Voilà. Dëst zum Projet de loi.

Da géif ech nach ganz kuerz op d'Avisen agoen. D'Chambre des Métiers huet den 20. Oktober 2017 hiren Avis zum Projet de loi ofginn. An d'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 16. Januar 2018 ofginn. Béid Berufskummere begreisse grondsätzlech dat neit Gesetz iwwert de Regimm vun de Bäihëllef fir d'PMEen.

De Statsrot huet de 24. Abrëll säin Avis ofginn, an deem zwou Opposition-formelle waren. Eng Opposition formelle war wéinst der Hiérarchie des normes, wou am Gesetz op e Reglement verwiese gouf, wat dun och geännert ginn ass.



A bei där anerer Opposition formelle huet mis-sen eng Ännerung gemaach gi wéinst enger europäescher Norm.

Voilà. Dann hat de Statsrot och nach eng Rei Remarque legistescher Natur. A well mer och nach eng Rei Oublieren am Gesetz haten, huet déi zoustänneg Kommissioun och nach missen Amendementer erarechen, zu deenen de Statsrot a sengem Avis complémentaire awer keng Remarque méi hat.

Mäi Rapport hunn ech dunn der zoustänneger Kommissioun den 19. Juni presentéiert. A voilà, fir weider Detailer verweisen ech op dee Rap-port. An ech géif domadder d'Zoustëmmung gi vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem ganz wichtege Projet.

An ech soen lech villmools Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Merci. An da kritt den Här Félix Eischen d'Wuert, deen haut ënner besonnescher Beo-bachtung steet.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen** (CSV). - Merci, Här Pre-sident. Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir liewen a séieren Zäiten. An Zäite vun ëmmer méi grouss, ëmmer méi séier, ëmmer méi iwwerflächlech och. An Zäiten, an deenen een heiansdo d'Gefill huet, just nach mam Schlohummer Gehéier ze fannen. An Zäiten, an deenen een och heiansdo d'Gefill huet, dass et och an der Wirtschaft an an der Wirt-schaftspolitik méi op de Bling-Bling, op déi grouss Annoncen, op de kuerzfristegen Effet a Benefiss ukënnt wéi op déi wirtschaftlech Subs-tanz, op gesellschaftleche Mehrwäert an tat-sächlech och op Nohaltegkeet, a wou och déi wierklech Verbonnenheet vun enger Entreprise mat deem Land, där Regioun, där Stad, jo dem Duerf, wou se schafft, guer net méi esou selbst-verständlech ass.

Do kënn et da schonn emol vir, dass éischter eng global Mark wéi Google op der Une vun der Press ass an domadder, esou kann een d'Gefill kréien, och op der politescher Prioritéiten-Une vun der Regierung a vun dem Wirtschaftsministère. Fir elo net méissverstanen ze ginn: Mir hunn am Prinzip natierlech kee Problem mat Google. Am Géigendeel! Mä et kann net sinn, dass déi eng de rouden Teppech ausgerullt kréien, wann no aneren, méi klengen a männer bekannte Betriber vill männer äerdeg gekuckt gëtt. Vum rouden Teppech hei guer net ze schwätzen.

Dobäi ass keen, Dir Dammen an Dir Hären, méi verbonne mat Lëtzebuerg wéi grad eis Kleng- a Mëttelbetriber. Si ginn zwar an all Pabeier, an all Exposé des motifs - esou och an dësem Ge-setz, iwwert dat mer haut diskutéieren -, och an all Sonndesried als Motor vun eiser Wirt-schaft bezechent, an dat si se och. Mä de Mo-tor dréit a schafft. De Motor schafft a schafft Aarbechtsplazen, vill méi wéi aner. Awer vu bausse gëtt dës Maschinneraum vun eisem Land dacks guer net esou gesinn.

An dofir geet et eben net duer, léif Kollee-ginnen a Kolleeen, mat dësem PME-Motor just all puer Joer, am beschten nach viru Wahlen, och an d'Révisioun ze goen. Neen, Dir Dammen an Dir Hären, dës Motor muss ee permanent fleegen. Och wann dat vläicht manner publikumswierksam ass, wéi just den Autoslack vun eiser Héichglanzökonomie ze po-léieren, fir sech dann do dacks genuch selwer dran ze spigelen, well ouni Motor bleift och dee schéinsten Auto stoen.

Här President, well et sinn tatsächlech eis Kleng- a Mëttelentreprisen, déi d'Réckgrat vun eiser Wirtschaft duerstellen. D'Madamm Burton huet dat scho gesot: Hei schaffe mat méi wéi 210.000 Aarbechtsplazen - dat si ronn 55% vum Emploi intérieur - bei Wäitem am meeschte Leit. Hei gëtt nohaltege Wuesstum a

Wuelstand tatsächlech erschafft. An hei ass och nohaltege Wuesstum. An dat Ganzt enk ver-netzt mat eiser Lëtzebuurger Gesellschaft.

A well mer jo europäesch a multilateral denken: Och an eiser Europäescher Unioun an an der OECD sinn d'PMEen de loin déi dynameschst Entrepreneuren. Hei schaffen OECD-wäit ëmmerhi bis zu 70% vun de Leit, hei zu Lëtzebuerg sinn et bal 44%, a bis zu 60% vun de PMEen ginn hei als innovativ gezielt. Och dat vergiesse mer heiansdo, wa mer vu kleng Betriber schwätzen. Well déi wierklech Grouss sinn dach wierklech déi Kleng.

Dat gëllt och, a grad, fir d'Innovatioun, déi mer nach ëmmer ze dacks einfach op de Weltmar-ché kafe ginn amplaz och heiheim vläicht selwer drun ze denken an de Courage ze hunn, fir se ze erfannen an nei driwwer nozedenken. Datselwecht gëllt och fir den Know-how, wou mer och nach kënnen zouleeën. Mir hate wéini eng interessant Wirtschaftskommissioun hei-bannen, wou ganz intensiv a ganz konkret a pragmatesch doriwwer diskutéiert ginn ass. Dat war eng gutt Kommissiounssëtzung, wou all déi Punkten ugeschwat gi sinn: d'Digitalisa-tioun ass ugeschwat ginn, dass mer net genuch Ingenieuren hunn, ass ugeschwat ginn, eng méi gezielt Ausbildung ass ugeschwat ginn, den 3D-Drock vum Beispill ass ugeschwat ginn, ee vun de Creneae ganz sécher. Mir sinn eis u sech an der Saach zimlech eens.

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

Trotzdem kënne mer soen - a mir maachen dat mat Houfer -, virop ass Lëtzebuerg wirt-schaftlech gesinn eng PME-Natioun. All aner Secteur vun eiser Ökonomie sinn och wichtig, dat wësse mer. Mä wann et wierklech drop ukënnt, da sinn et eis 32.000 PMEen - dat si 97,6% vun allen Entrepreneuren zu Lëtzebuerg -, op déi mir hei kënnen zielen. A virop d'Entrepreneuren an hir Familljen an déi, déi do hannendrustinn. Ganz dacks iwwregens net anonym, mä mat hirem gudden Numm, well ganz vill vun dësen Entrepreneuren si jo ëmmer nach Familljebetriber. Hei kennen d'Mataarbechter nach de Patron. An am Prinzip de Patron och seng Leit.

Well méi wéi 7.000 vun dësen 32.000 PMEen, léif Kolleeen, dat sinn Handwierskabetriber, wou zesummen 90.000 Leit schaffen an déi ronn 10% vum PIB erschaffen. Och dat vergiesse mer dacks an eiser Wirtschaftspolitik, an eiser Bildungspolitik. A vun der Mentalitéit do-bausse guer net ze schwätzen. Knaschteg Hänn sinn nach ze dacks eng Onéier. An dat ass net gutt.

Mä et sinn haut dës 32.000 Betriber, och bei eis an der Chamber, déi hei am Mëttelpunkt stinn. A ganz besonnesch och fir eis an der CSV-Fraktioun. Leider ass dat bei der Regierung um Terrain net ëmmer de Fall. Dat soen net just mir, dat soen och ganz vill Leit vum PME-Terrain. Grad och Leit, déi wëllen nei Entreprisé grënnen an déi laang, contrairement zu deem, wat no bausse kommunizéiert gëtt, ganz laang op hir Autorisatiounen aus dem Wirtschafts-ministère musse waarden.

Et geet also net duer, permanent vum Entrepreneursgeescht ze schwätzen, et muss een dës Geescht och liewen an an der Terrainspo-litik ëmsetzen. Mir mengen, dass bei dëser Re-gierung do nach vill Sputt no uewen ass. Stéchwierder sinn do zum Beispill de Statut de l'indépendant, ee modernt Faillitgesetz, wat an der Maach ass, wat mer awer begreissen, wann et séier do wier, respektiv och d'Reform vum Droit d'établissement.

Mä komme mer zrëck bei d'Reform vum Re-gime d'aides fir d'PMEen, iwwert déi mir haut wëlle schwätzen. Fir d'Éischt emol, léif Kollee-gen, deele mer vum Prinzip hier absolut d'Ob-jektiver vun dëser Reform. Et ass kloer, dës Projet geet, an dat weist schonn direkt säin éischten Artikel, grondsätzlech an déi richteg Richtung vun der Diversifikatioun vun eiser Ökonomie.

An dës laangjäreg Strategie, déi scho mat der Stolkris ugefaangen huet, gliddert dës Gesetz sech jo ausdrécklech an iwwer en neien, ee méi breede Regimm fir eis PME-Hëllef, deen och un d'europäesch Legislatioun ugepasst gëtt. Grad an Zäite vun Digitaliséierung a vun der Ausweitung vun eisem europäesche Banne-maart ass et dofir onëmänglech, fir d'Kompe-titivitéit an eise PMEen ze stärken. An dat mécht dës Gesetz zumindest an de groussen Deeler. Grad duerch e weidert Opmaache kënnen och eis PMEen nei Marchéen an och esou nei Clienté fannen.

Gläichzäiteg setze mir eis Legislatioun awer och konform mat EU-Recht, mat sengen Definitiounen an Notiounen an och mat senger rezenten Ouverture bei de PME-Hëllef. Mir schafen esou méi Rechtssécherheet fir eis PMEen, awer och méi Transparenz fir déi, déi hinne Sue léi-nen. Mä grad fir déi kleng Entrepreneuren, déi sech natierlech kee rësege Service juridique kënne leeschten, ass déi juristesche Stabilitéit hei net ze ënnerschtätzen.

An dofir, léif Frënn a Kolleeen, wäerte mir dës Gesetz och matstëmmen, och wa mir am De-tail vum Fong an och vun der Form hier munches aussetzen hunn, mä ënnert dem Stréch iwwerweien awer d'Virdeeler fir eis Betriber. An et ass grad fir eis kleng Entrepreneure wichtig, dass si aus der Politik an och vun alle Säiten aus dësem Haus, mengen ech, de Réckwand spieren.

Nach ass et esou, dass een awer an Zukunft muss genee kucken, wéi sech dës Gesetz an der PME-Praxis bewäert, fir da gegebenenfalls déi entsprecheend Upassunge virzehuelen, och well grad am PME-Beräich sech d'Wirtschaft méi rasant verännert wéi déi entsprecheend Le-gislatioun. An anere Wieder: De Kader muss mam Inhalt matwuessen. Mir brauchen also méi wéi jee e flexibel Gesetz fir eng flexibel Branche. Insofern begreisse mer och hei déi Evaluationslogik, déi schonn am Gesetz veran-kert ass. A mir sinn och gespaant drop, wéi de Wirtschaftsministère respektiv déi nächst Re-gierung dat da wäert a Musek ëmsetzen.

Well onofhängeg vun dësem Gesetz wäert et wichtig sinn, dës Hëllef, déi mer haut stëm-men, och wierklech bei d'Entrepreneuren ze bréngen, déi se haut eben am meeschte brauchen. An dat huet och vill mat Informa-tioun a Kommunikatioun ze doen, besonnesch wat den Artikel 15 vum Gesetz ugeet, also d'Prozedur, fir Hëllef unzefroen, verbonnen och mat den Artikelen 16 a 17 iwwert d'Procé-dure d'octroi an d'Cumul-Regelen. Hei läit den Däiwel jo bekanntlech am Detail.

Mir plädéieren dofir fir transparent Attribu-tionskritäre bei de staatlechen Hëllef, a fir kloer am Gesetz festgeluechten Delaien, wat fir de Moment leider net de Fall ass. Dës géif et de concernéierte PMEen besser erméiglechen, zukunftsorientéiert ze plangen.

Trotz där positiver Grondausrichtung bedauere mir awer, Dir Dammen an Dir Hären, fir mat der Form unzefänken, dass dës PMEs-Gesetz net, wéi den „Journal“ schreift, op der Zielgera-den ass - dat ass gutt -, mä mir bedauern, dass et esou spéit op der Zielgeraden vun dëser Legislaturperiod ass.

Elo, dräi Woche virun der Summerpaus, dräi an en hallwe Mount virun de Wahlen, gëtt sech op eemol drun erënnert, dass dës Land wirt-schaftlech op de PMEen opbaut. Do schwéngt awer e bëssen e fade Bäigeschmaach mat. Ëm-sou méi, wéi ee mat engem ganz aneren Usproch vu viru bal fënnf Joer ugetrueden ass, fir jo alles besser ze maachen.

Derbäi kënn, dass dës Projet, obschonns et e Last-minute-Projet ass, dann awer nach zum Deel iwwert de Knéi gebrach ginn ass. An der Substanz ass et näamlech weder ausdiskutiert nach ausgeräift. Dat weisen och ganz vill Kri-ticke vun de jeeeweilege Chamberen, déi mir an hire groussen Zich och deelen.

Aus dës Grënn, a virun allem wat d'Aart a Weis vum Hauruckverfahre bei den Amende-menter ugaangen ass, hu mir eis als CSV och an der Kommissioun enthalen.

Dir Dammen an Dir Hären, zum Fong nach e puer Wuert. Erlaabt mer hei aus enger däitscher PwC-Etüd aus dem Joer 2012 ze zi-téieren, déi awer och fir Lëtzebuerg richtig ass: „Um die Zukunftsfähigkeit von Familienunter-nehmen sicherzustellen, ist der Staat stärker gefordert. Steuerabbau, weniger Bürokratie und politische und wirtschaftliche Rahmenbe-dingungen, die Innovationen fördern und den Zugang zu Kapital erleichtern, sind wichtige Maßnahmen für Familienunternehmen.“

Eng Rei vun dës Mesurë gi jo och mat dësem Gesetz a Musek ëmgesat. D'Rapportrice, d'Tess Burton, deem ech hei ausdrécklech wëll Merci soe fir de gudden mëndlechen an och schrëft-leche Rapport, huet et grad am Detail gesot, soudatt ech net alles muss widerhuelen. Dat spuerer mer eis elo.

Mir begreissen dobäi besonnesch déi véier nei Hëllef: Also eemol d'Hëllef fir jonk Entrepre-neuren, grad wéi och de Finanzement vun de Risiken - déi jo allen zwee kënnen eng Garan-tie, e Prêt oder een Apport u Fonds propres sinn - an engem Betrib. Hei baue mir also zo-lidd aus am Verglach mam ale Gesetz.

An dat ass gutt esou, well grad jonk Entrepre-neuren hunn et jo, grad wa se net aus enger Entrepreneursfamill kommen, dacks beson-nesch schwéier bei hiren initialen Investisse-menter. A gradesou schwéier ass et och dacks, fir e gewëssene Risiko ze finanzéieren, ouni deen een awer am PME-Secteur haut net méi weiderkënn. Grad am Zäitalter - ech hat et vir-dru schonn ugeschwat - vun Digitaliséierung müssen och d'PMEen innovéieren, a si maa-chen dat och, well néierens an eiser Ökonomie ass een investéierten Euro wirtschaftlech oder och gesellschaftlech esou produktiv wéi an de PMEen eben.


Mir begreisse weider och déi Hëllef, déi d'Präsenz an Europa vun eise Kleng- a Mëttel-betriber stärken, gradesou wéi och déi nei Aidë bei Naturkatastrophen - d'Madamm Rap-portrice hat et schonn ugeschwat -, déi jo lei-der ëmmer méi heefeg sinn. D'Europäesch Kommissioun schwätzt hei jo scho vun enger neier Normalitéit.

Gradesou positiv fanne mir et och, datt de glo-bale Volume vun de PME-Hëllef klëmmt. Vun 2017 op 2021 sinn dat elo méi wéi 89 Milliounen Euro. Déi sinn am Gesetz virgesinn. Dat ass eng Augmentatioun vu 27%.

An dat ass och gutt, mä et ass och positiv, dass mir u sech d'Grondrichtung vun de Gesetzer vun 2004 iwwert d'Hëllef fir de Mëttelstand - esou gouf dat fréier genannt - a vun 1993 iwwert déi wirtschaftlech Diversifizéierung an de regionale wirtschaftlechen Equiliber weider-féieren an ausweiten. Dat, wat do gutt fonc-tionnéiert, behale mer bäi. Ech denken och hei zum Beispill un d'Hëllef fir Investitiounen, fir d'Berodung an och fir d'Foiren. Dat ass ze be-grëssen. Déi Kontinuitéit ass gutt.

Geneesou positiv sinn awer och déi ugestriefte Vereinfachungen vun den Hëllef. Ech denken do besonnesch un d'Fusioun vun den Hëllef fir PMI a PME.

Mir hunn awer och um Fong eng Rei vu Punk-ten, déi eis trotzdeem Suerge maachen. Grad wéi d'Chambre de Commerce bedauere mir, datt Betriber a Schwiereregkeete vun den Hël-lefen nach ëmmer ausgeschloss ginn. Dobäi misst et jo eigentlech am Interessi vun eis alle-guerte sinn, fir Faillitten ze verhënnern, jo, wat awer elo net heescht, datt een net vläicht och emol muss eis éischter falsch gesellschaft-lech Stigmatiséierung vun de Faillitten, grad bei jonken Entrepreneuren, iwwerdenken; mä dat ass eng aner Geschicht, oder och net. Ech mengen, doriwwer sollt een eng Kéier kënnen diskutéieren.



Suivez la Chambre des Députés
sur Facebook, Twitter et
Instagram





Eng weider Kritik, déi mir zumindest an hire grouss Linnen deelen, ass déi vun der Chambre des Métiers, grad wat zum Beispill de Spezialregimm fir d'Sécherheet an d'Qualitéit vun de Liewensmëttel ugeet. Och mir fannen et komesch, datt et keng spezifesch Hëllef fir de Liewensmëttelsektor, also fir Bäcker, Metzler an anerer, am Projet de loi gëtt. Hei ass d'Gesetz sécher net deckungsgläich mat de Prioritéiten. Do soll eppes ënnerwee sinn. Mir wëssen awer net, wou et drun ass. Fir de Moment ass op jidde Fall do nach näischt do.

Ze bedauern ass et dann och nach, menge mer, dass den Ex-post-Prinzip elo ofgeschafft gëtt, och wann dat europarechtlech aneschtens net méiglech ze si schéngt, well, Dir Dammen an Dir Hären, et an der Praxis effektiv esou ass, datt grad bei séieren Decisiounen a grad bei ganz klengen Entrepreneuren, wou de Patron méi um Terrain wéi um Büro ass, net nach laang Formulairé kënne ausgefëllt ginn, ëmsou méi wou eis Ekonomie ëmmer méi séier dréit. Ëmmerhi si bis elo 35% bis 40% vun de PME-Demanden no der Decisioun, fir ze investéieren, komm. Bestëmmt kann een hei villes méi séier ufroen, mä munches wäert och ënnert den Dësch falen. An dat ass sécher net gutt.

Et ass och schued, datt de Ministère eng zousätzlech Hürd opbau fir ganz kleng an Einzelbetreiber, well jo an Zukunft nëmmen Dossiere beim Ministère akzeptéiert ginn, déi op d'mannst 1.000 Euro Aidé beinhalten. Et gëtt awer vill kleng Betriber, deene bei geréngem Investitionsvolumen mat engem manner héijen Aidëbetrag ganz vill ka geholfel ginn. Ech denken do zum Beispill u Coiffeuren, Couturiëren, Esthéticiennen, Schousteren et cetera.

Firwat also aus administrative Grënn dës kleng Investitiounen net consideréieren? De Seuil dofir ass eng falsch wirtschaftspolitesch Decisioun.

Mir trieden doriwwer eraus derfir an, dass de Ministère de Remplacement vun den Equipementen och berücksichtegt, well e Betrib, deen haut Maschinnen ersetzt, am Prinzip méi performant Material keeft, uschafft an doduerch och eng méi héich Produktivitéit erziilt.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, och an där schéiner neier digitaler Héichglanzökonomie brauche mer hei zu Lëtzebuerg an éischter Linn staark a mëttelstänneg Entrepreneuren an dofir och staark a mëttelstänneg Entrepreneuren. Mir als CSV gleewen un eis PMEen a méi nach un eis Entrepreneuren, well zu gudder Lescht kënnt et ëmmer op d'Leit a manner op d'Strukturen un, also an dësem Fall op eis Entrepreneuren an och op alleguerten d'Leit, déi och wëllen Entrepreneur ginn.

Si alleguerte brauchen eis Ënnerstëtzung als Chamber, well si schafen zesumme mat hire Mataarbechter souwuel nohaltege Wuelstand fir d'Leit a laangfristeg Aarbechtsplaze fir eis Gesellschaft, an dat mat engem inklusive Wuesstum um Terrain, dee mir abstrakt jo alleguerten ustriewen an och weider brauchen.

Dofir sinn d'PMEen als éischt eng wirtschaftspolitesch Prioritéit. An eise Fraktiounspresident verpasst keng Geleeënheet, fir dat och richtegerweis kloer an daitlech dobaussen ze soen. An den nächste Méint wäerte mer dat och nach méi daitlech maachen, well eis PMEe si fir eis och an Zukunft dat Wirtschaftsnetz, dat eist Land nohaltege zesummenhält, well et déif an him verwuerzelt ass, well eis PMEe fir eis och an Zukunft den dynamesche Kär vun eiser Wirtschaft bleiwen, well just mat staarke PMEe och an Zukunft Lëtzebuerg als Ganz staark bleift, an dat wäit iwwert d'Wirtschaft eraus.

Aus all dëse Grënn wäerte mir, wéi gesot, dëst Gesetz, trotz punktuell Kritikken am Detail an trotz enger Rei vun Onstëmmegkeeten, matstëmmen, well déi gréissten Hëllef, a si kascht eis emol keen eenzeg Euro méi, déi mir alleguerten eise PMEe kënne ginn, ass dat, dass mir un eis Entrepreneuren an hir Mataarbechter gleewen. Och dat wëlle mer haut mat eise Vott zum Ausdrock bréngen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Här Eischen, Merci. Den Här Fayot wëilt Iech eventuell eng Fro stellen, wann ech richteg verstinn.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Jo. Merci, Madamm President. Ech hunn dem Här Eischen gutt nogelauschert. Ech wollt awer just zwou Remarque maachen als President vun der Ekonomieskommissioun.

Déi éischt...

(*Interruption*)

Wat gelift?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Froen!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Hutt Der eng Fro?

(*Interruptions*)

Mir sinn an der Chamber hei. Kënne mer net matenee schwätzen?

(*Interruptions diverses*)

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP).- Loosst en emol ausschwätzen, da kënnt d'Fro!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Da loosst en emol seng Froe stellen!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Sidd Der nervös, Här Mosar?

(*Brouhaha*)

Den Här Eischen huet hei duerchblécke gelooss, dass dee Projet hei net uerdentlech diskutéiert gi wär an der Ekonomieskommissioun an dass déi Amendementen do net grëndlech diskutéiert gi wäeren, déi presentéiert gi sinn opgrond vum Avis vum Statsrot. Ech wëll dem Här Eischen soen, dass mer den 3. Mee eng Reunioun haten, wou hien net do war,...

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Jo. Ech hat mech och entschëllegt, Här President.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Bon, hie schwätzt haut driwwer, mä e war awer net do, wou mer eng laang...

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Jo, wat ass dat dann elo?

(*Interruptions diverses*)

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- ...wou mer eng laang a grëndlech Diskussioun haten zu all den Amendementen, zum Avis vum Statsrot, wou mer, mengen ech - déi Kolleegeen, déi do waren, déi kënne dat confirméieren -, wierklech dee Projet hei ausdiskutéiert hunn. Dunn hu mer nach eng kéier kuerz driwwer geschwat de 27. Juni, wéi mer de Rapport ugeholl hunn.

► **Plusieurs voix.** - Da stellt Är Fro, Här Fayot!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Jo, ech muss dem Här Eischen... Et kann ee jo awer net egal wat hei soen? Ech mengen...

An deen zweete Punkt...

► **Une voix.** - D'Fro ass: Weess den Här Eischen dat?!

(*Interruptions diverses*)

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Weess den Här Eischen dat?

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Ee Moment! Ee Moment!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Wann et muss eng Fro sinn, dann: Huet den Här Eischen sech reiseignéiert bei senger Kolleegeen?

(*Interruptions diverses*)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Da loosst dach den Här Fayot schwätzen!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Jo. An déi zweet Fro ass: Weess den Här Eischen, dass mer des Längeren... En huet hei Allusioun gemaach op e Faillitgesetz, wat net géif kommen, eng Reform vun de Faillitten.

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Dat hunn ech ni gesot.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Weess den Här Eischen, dass mer hei eng Sous-commission haten an dëser Chamber,...

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Jo!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- ...wou mer, mengen ech, méi wéi 20 Sitzungen haten, wou den Här Gloden fir Är Fraktioun och drasou a wou mer un engem Projet de loi geschafft hunn, deen elo deemnächst misst eng zweete kéier aviséiert gi vum Statsrot a wou mer substanzuell eng Reform maache vum Faillitgesetz?

A weess den Här Eischen, wat an deem Gesetz do steet? Dass och dat wäert a Richtung goe vun enger Moderniséierung vun där Matière, déi en hei esou bemängelt. Weess den Här Eischen dat?

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP).- Elo hutt Der esou vill Froen a keng Zäit méi, fir drop ze äntworten!

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Jo.

► **Une voix.** - Awer vill Froen!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Sou! Also, den Här Fayot ass fäerdeg.

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Däerf ech, Madamm Presidentin, ganz kuerz...?

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Jo, jo, Dir kënnt roueg Stellung huelen, well Dir hutt nach Zäit, Här Eischen; Dir kënnt roueg schwätzen.

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Et war zwar keng Fro. Ech kéint déi Fro einfach mat Jo beäntweren. Ech kann déi Fro och mat Jo beäntweren. Éischtens hunn ech net gesot, dass dat Faillitgesetz net ënnerwee wär. Dat hunn ech net

gesot. Ech sot: Mir begrëssen et, wann et enfin do ass. Dat ass jo sécher net falsch, wann ech dat soen, Här Fayot? Sécher net falsch!

An déi zweet Saach ass: Ech weess, dass meng Fraktioun an där Kommissiounssetzung nach eng kéier nogefrot huet, fir nach eng kéier méi am Detail iwwert déi Amendementen ze schwätzen. An deeselwechten Dag ass ofgestëmmt ginn. Deeselwechten Dag ass de Rapport ofgestëmmt ginn. Dofir hunn ech gesot, dass et net ausdiskutéiert ginn ass. D'ailleurs ass et net nëmme meng Fraktioun, déi dat umonéiert, do sinn och anerer, déi dat soen.

Mä wéi gesot, fir op Är Froen ze äntworten: Ech ka se alleguerten einfach mat Jo beäntweren. Jo, ech weess dat. Ech weess, dass d'Faillitgesetz ënnerwee ass. Dat weess ech. Ech weess och, dass ech deen Dag net an der Kommissiounssetzung war, mä ech hat mech en bonne et due forme beim Här President entschëllegt.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Gutt, sur ce, Merci dem Här Eischen. Als nächst Riednerin hunn ech d'Madamm Joëlle Elvinger ageschriwwen. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, dëse Projet de loi ass dee leschte vun enger ganzer Rei vu Gesetzter, déi eis Hëllef fir d'Entreprise moderniséiert a verbessert hunn. Et ass dee leschte Puzzeleed vun enger Strategie, fir eis Ekonomie méi kompetitiv ze maachen a méi breet opzustellen.

D'lescht Joer am März hate mir d'Gesetz gestëmmt, dat den neie Kader festgeluecht huet fir d'Hëllef, déi an d'Recherche an an den Developpement an an d'Innovation ginn.

(*Brouhaha général*)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Ee Moment, Madamm Elvinger. Kënnt Der, wann ech gelift, e bësse méi roueg sinn? Okay, Madamm Elvinger, fuert virun!

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- D'Hëllef fir Entrepreneuren, déi a sougenannt defavoriséiert Zonen investéieren, hu mir am Juni d'lescht Joer moderniséiert. D'Gesetz, wat d'Hëllef fir d'Investissementer, déi der Ëmwelt zeguttkommen, regelt, hu mir am leschten Dezember gestëmmt. An d'Demokratesch Partei ass frou, dass dës Regierung all dës Gesetzter adaptéiert huet, fir se un d'Realitéiten an un d'Besoinen vun eisen Entrepreneuren unzepassen. Si alleguerte bidden eise Betriber en optimale Kader, fir sech der Konkurrenz ze stellen a sech weiderzëntwéckelen.

Och wann d'Demokratesch Partei all dës Adaptatiounen ausdrécklech begréisst, esou däerf ee sech awer net op deem Errechten ausrouen. Mir mussen och weiderhin evaluéieren, wéi sech dës Hëllef um Terrain auswirken, ob se bei deenen Entrepreneuren ukommen, déi se och wierklech brauchen, ob se héich genuch sinn an ob d'Eligibilitéitskritären de Réalitéiten ugepasst sinn.

Falls sech bei dëser Evaluatioun erausstelle sollt, dass dat net de Fall ass, da muss eben nogebessert ginn. D'Erausforderungen un eis Entrepreneuren änneren an engem enorm schnelle Rhythmus. An dofir musse mir och garantéieren, dass eis Gesetzter sech och deem Rhythmus upassen an net hannendrunhänken.

Madamm Presidentin, eis PMEe sinn d'Réckgrat vun eiser Ekonomie. Si beschäftegen iwwer 210.000 Leit an droen zu engem groussen Deel zum Räichtum vun eise Land bäi. Et kann ee soen: „Geet et eise PMEe gutt, da geet et eise Land gutt.“ Dofir ass et der Demokratescher Partei immens wichteg, dass et eise PMEen och nach an Zukunft gutt geet an dass d'Politik hinnen dee Kader bitt, dee si brauchen, fir sech positiv ze entwéckelen.

Ech sinn och iwwerzeegt, dass dëse Projet de loi, dee mir haut stëmme wäerten, et villen Entrepreneuren erlaube wäert, fir méi einfach vun deenen neien Hëllef ze profitéieren.

Et ass och kee Geheimnis, dass kleng a mëttelgrouss Entreprisé méi séier e Problem mat hire Liquiditéiten kënne hunn an et oft un den néidege Fonge feelt, fir wichteg Investitiounen ze betätigen, déi awer néideg sinn, fir sech der Konkurrenz ze stellen. Besonnesch d'Digitalisatioun stellt vill PMEe viru grouss Erausforderungen. Hei géllt et, den Uschloss net ze verpassen. Investéieren an nei Technologien an an d'Formatioun vum Personal, fir dës och kënnen ze benotzen, huet natierlech och säi Präis.

Dobäi kënnt, dass d'Technologien hautzudaags vill méi séier evoluéiere wéi nach virun 20 Joer an ee vill méi dacks an neit méi performant Material muss investéieren. Och d'Compliance-Obligatiounen maache viru PMEen och keen

Halt. Grouss Entrepreneuren hunn dofir e ganzen Departement, mä d'PMEen di sech oft schwéier, fir sech un déi nei Obligatiounen unzepassen.

De 25. Mee dëst Joer ass jo dat europäesch Reglement iwwert den Dateschutz a Kraaft getrueden, de GDPR. An Dir kënnt Iech bestëmmt nach un deen Dag erënneren, well dat war den Dag, wou Der esou vill E-Maile krut wéi scho laang net méi. Jiddefalls war an ass et fir déi kleng a mëttelgrouss Betriber eng grouss Erausforderung, fir sech den Obligatiounen vun dësem Reglement unzepassen.

Madamm Presidentin, wéinst all dëse Grënn ass d'Demokratesch Partei frou, dass mir haut dëst Gesetz wäerte stëmme. Et iwwerhëlt a verbessert net nëmmen déi bestoend Hëllef, mä et féiert och neier an, déi och dréngend um Terrain gebraucht ginn.

Ech wäert elo net méi op all d'Detailer vun den Neierungen agoen. Dëst huet d'Rapportrice, d'Tess Burton, jo schonn ausféierlech an hirem mëndlechen a schrëftleche Rapport gemaach, woufir ech hir och Merci soen.

An duerch dëst Gesetz wäert Lëtzebuerg sengen Entrepreneuren an Zukunft eng méi breet a méi komplett Gamme vun Hëllef kënne ubidden, wéi dat bis elo de Fall war. Niewent de bestoenden Hëllef, wéi Investissementshëllef fir PMEen, d'Hëllef, fir sech beroden ze loossen, an d'Hëllef, fir u Foiren deelzehuelen, sinn eng Rei wichteg nei Hëllef derbäikomm:

- An éischter Linn d'Hëllef fir d'Kooperationskäsche bei grenziwwerschreidende Projekten. Lëtzebuerg ass keng kleng Insel. An als Member vun der EU kënne eis Betriber vun engem staarke Bannemaart profitéieren. Fir datt si dës Chance, déi eis den europäesche Bannemaart bitt, och ergreifen, kënne d'Käsche fir grenziwwerschreidend Projekte mat bis zu 50% subventionéiert ginn.

- Zweetens dann och d'Hëllef fir jonk Entrepreneuren. Den Artikel 8 iwwert d'Start-uppe féiert Hëllef fir jonk Entrepreneuren an. Ënner jonken Entreprisé verstir mir selbstverständlech hei nei Entrepreneuren an net just Entrepreneuren, déi vu jonke Leit gegrennt kënne ginn. Dat sinn all nei Entrepreneuren, déi nach net méi laang wéi fënnf Joer bestinn an och nach aner Konditiounen erfëllen.

Heibäi muss et sech effektiv dann ëm eng nei Entreprise handeln. An d'Reprise vun enger Entreprise fällt net an de Kader vun dëser Hëllef, mä well d'Demokratesch Partei schonn oft genuch dorobber higewisen huet, dass et ënner anerem bei Familljebetriber schwéier ass, e Repreneur ze fannen, begrësse mir et, dass de Repreneur am Kader vun enger Reprise awer op d'Investitionshëllef vum Artikel 4 vun dësem Gesetz zréckgräife kann.

- Drëttens ginn dann och nach Hëllef bei Schied vun Naturkatastrophen agefouert. Kierzlech hu mir jo am Mëllerdall an och nach op anere Plaze vum Land erlieft, wat Naturkatastrophe fir Schied urrichte kënne. Och wann d'Regierung kuerzfristeg Hëllef fir déi betraffe Betriber bereetgestallt huet, esou ass d'Demokratesch Partei awer frou, dass si an Zukunft och vun Hëllef vun dësem Gesetz kënne profitéieren. Mat Naturkatastrophe sinn Aerdbeben, Aerdërsch, Iwwerschwemmungen, Tornaden an och Bëschbränn gemengt. Duerch dëst Gesetz kënne an Zukunft 100% vun den entstanene Schied ofgedeckt ginn.

- An dann zu gudder Lescht nach d'Hëllef fir de Risikofinanzement. Dës Hëllef wäert de Finanzinstitut zousätzlech Garantie ginn, fir dass si méi einfach op de Wee ginn, fir och méi risikoräich Projekte vun Entrepreneuren ze ënnerstëtzen. „Wer nicht wagt, der nicht gewinnt“, seet ee jo. Dat géllt och am Entrepreneuriat. An dofir begréisst d'DP och ausdrécklech dës Verbesserung.

Madamm Presidentin, well d'DP der Meinung ass, dass dëst Gesetz eis Betriber ënnerstëtze wäert, wa si Investissementer maachen, déi se brauchen, fir kompetitiv ze bleiwen, ginn ech och heimadder den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci der Madamm Elvinger. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Merci, Madamm Presidentin. Dëse Régime d'aides fir d'PMEen, fir eis Kleng- a Mëttelbetriber, ass, wéi d'Madamm Elvinger dat virdru ganz rich-



teg gesot huet, ee Bausteen vu villen, fir se op stabil Féiss ze setzen zu Lëtzebuerg. A si huet och ganz richtig rappeléiert, dass mer u sech schonn dräi Voleten ofgedeckt haten, dee vun der Protektioun vun der Ëmwelt, vun der Innovation an och der Recherche an dem Develloppement, soudass dat hei dee Volet ergänzt.

An zwar: Dat Gesetz vun 2004 gëtt iwwerschafft. Dräi Aiden, déi do schonn dra virgesi waren, bleiwen och an deem neie Gesetz tel quel dran. Wéi scho gesot: Déi Saachen, déi Aidë bei dem Investissement, déi Aiden, wat de Conseil ugeet fir déi Kleng- a Mëttelbetriber an och fir d'Participatioun un de Foiren.

Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, an dat ass och virdu gesot ginn, an dat läit de Gréngen och, a mir speziell, um Häerz: Déi PME sinn en Job-Motor. Do dran ass och d'Handwierk erëmfefannen. Et ass virdu gesot ginn, dass do iwwer 200.000 Leit dra schaffen. An dofir ass et och gutt a richtig, dass mer déi hei ënnerstëtzen an dass mer véier nei Aiden aféieren.

An do gëtt et bei verschiddene vun dësen Aiden, virun allem bei där Aide do, wou Ëmweltschied entstinn, och eng gewëssen Urgence am Fall ebe vun Äerdbiewen, Terrainsrëtsch a virun allem Inondatiounen. Déi Staarkreenereignisse, déi mer do haten am Ernzdall, am Mëllerdall, déi fuerderen eis einfach eraus, fir dass mer do Aidë schafen, mat deene schnell an onbürokratesch ka gehollef ginn.

Dat ass eng vun deenen neien Aiden, déi do mat derbäikënn. Et ass och scho gesot ginn, dat iwwert d'Landesgrenz-eraus-Zesummeschaffen, dass dat ënnerstëtzt gëtt. Dat ass wichtig, fir eis PMEe gesond opzustellen, well se operéiere jo net hei just op deem klengen Territoire vu Lëtzebuerg, mä ganz sécher op d'mannst an der Groussregioun, wann net wäit doriwwer ewech.

Dann natierlech: Aidë fir Entreprises, déi nei starten, sinn absolutt wichtig, well et net esou aus der Tradition eraus ass, dass den Handwerksbetrieb oder déi Kleng- a Mëttelentreprise einfach an der Famill bleift an do weidergefouert gëtt. Dofir ass et och gutt a richtig, dass een u sech neien, jonken Entreprises, ënner anerem och de Start-uppen, da mat Bähëllefën ënnert d'Äerm gräift.

An dann natierlech och zum Schluss nach eng Kéier, dass een och eng Aide aféiert fir de Finanzement vu Risiken.

Ech wëll elo hei net nach eng Kéier op all déi Detailer agoen. Dofir dem Tess Burton e grouse Merci, dat dat trotz e bëssen ugeschloener Stëmm exzellent hei gemaach huet, an och am Rapport all déi Detailer erëmfefanne sinn. Et ass ee ganz technesch Gesetz, wou u sech all déi eenzel Fäll am Detail beschriwwen ginn.

Ech komme selwer aus enger Handwierkerfamill. Selwer hunn ech en Handwierk geleiert. Duerfir ass dat hei och en Saach, déi mer um Häerz läit. An ech si ganz sécher ebe kee Bling-Bling-Politiker, wéi dat virdrun ugeklongen ass, an halen dofir och hei keng Sonndesrieden a gi ganz einfach d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem wichtige a gudden Projet de loi.

An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Anzia. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roy Reding, deen...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - E léisst sech entschëllegen.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Ah, e léisst sech entschëllegen. Soss hunn ech u sech kee Riedner op der Lëscht.

(*Interruption par M. Marc Baum*)

Den Här Baum. Ech hunn alt elo geduecht. Da kommt! Et ass gutt, dass Der lech ëmmer wiert. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk). - Merci. Merci, Madamm Presidentin. Mat dësem Gesetz gëtt eis Gesetzgebung bei den Hëllef fir Kleng- a Mëttelbetriber un en europäesch Reglement vun 2014 ugepasst. Dat bedeit, datt d'Ausrichtungen vu scho bestoenden Hëllefën anescht definéiert ginn an awer och datt verschidden nei Hëllefë bäikommen, respektiv déi eng oder aner verschwënnt.

D'Zil vun dësem Gesetz wéi och vun dem europäesche Reglement soll et sinn, d'Schafung, d'Ëmorientéierung oder den Ausbau vu klen-

gen a mëttleren Entreprises ze fërderen an d'Kompetitivitéit vun dësen Entreprisë par rapport zu äänlechen Entreprises aus dem Ausland ze garantéieren.

Dat europäesch Reglement, dat festleet, wéi eng ëffentlech Hëllef fir Betriber am europäesche Bannemaart méiglech sinn, gëtt net eleng mat dësem Gesetz hei ëmgesat, mä och mat anere Gesetz, wéi zum Beispill d'Gesetz, dat d'Hëllef fir Ëmweltmesuren an d'energetesch Effikassitéit vu Betriber definéiert.

Aganks ass et natierlech wichteg, drun ze erënnere, dass dat heite Gesetz an déi zugronn leiend europäesch Direktiven en Nieweproduit si vun engem vun den elementarste konstitutiven Elementer vun der Europäescher Unioun, nämlech dem Marché unique, deen eng staark wirtschaftlech Steuerung duerch geziilt Subventiounen vum Stat oder de Gemengen net erméiglecht. Ëffentlech Inventionen an d'Wirtschaft sinn also haut esou gutt wéi onméiglech gemaach, op jidde Fall awer a ganz erhiefflech Mooss erschwéiert. Dat heescht och, datt demokratesch ekonomesch Choixen am Sënn vun enger méi sozialer oder ökologescher Conception vun der Gesellschaft do-duerch och erschwéiert sinn.

Dat, wouriwwer mer elo hei schwätzen, ass dowéinst just e kleng Brochdeel vun deem, wat eigentlech néideg wier, fir d'europäesch an och déi lëtzebuergesch Wirtschaft och am Kader vun der Zesummenaarbecht mat der Groussregioun op en anere Wee ze bréngen.

Aus deem Grond menge mer, datt déi verschidden Hëllefën, déi hei proposéiert sinn, zwar vläicht an eenzelne Fäll hëllefëräich kënne sinn, zum Beispill wat d'Entwécklung vu jonken Entreprises ugeet, mä gréisstendeels awer verpuffe wäerten an engem wirtschaftleche Kontext, dee méi klengen Entreprises insgesamt net onbedéngt entgéintkënn.

Stéchwuert Subventiounen: Eis Regierung versicht grad zu Bréssel, der Europäescher Kommission ze erklären, dass déi quasi steierlech Befreiung vu Gewënner, déi vu Multinationalen zu Lëtzebuerg verrechent ginn, keng staatlech Subventiounen wieren. Heibäi handelt et sech wuelgemierkt ëm Montanten, jee no Entreprise, tëschent 30 an 250 Milliounen Euro.

A wann een déi Montanten da vergläicht mat deem Bléck, deen een an d'Fiche financière vun dësem Gesetz werft, da mierkt een, datt et do awer eng Disproportiou gëtt. 89 Milliounen si virgesinn op en Zäitraum vu fënnf Joer. Dat mécht pro Joer ronn tëschent 15 an 20 Milliounen.

Dobäi dierf een net vergiessen, dass bis op 130 - oder e bësse méi wéi 130; 2013 waren et der 130 - Betriber hei am Land, bis op déi, datt mer eigentlech just PMEen hunn. Dat heescht also, datt eise Stat déi 99% vun de Lëtzeburger Betriber mat engem Montant subventionéiert, deen, iwwer fënnf Joer gesinn, e Brochdeel vun deem ass, wat eleng eng eenzeg Entreprise iwwer e Ruling vu Steieren nogelooss krut.

Eleng mat deem Verglach gëtt kloer: D'Ënnerstëtzung vun der hiseger Ëkonomie schéngt finanziell net onbedéngt dann awer déi grouss Prioritéit ze sinn, d'Unzéie vu grouse Multinationallen awer dobäi scho wesentlech méi.

An ech hunn et och elo grad ugeschwat: Zu Lëtzebuerg ass all Betrib, bis op eben eng iwwerschaubar Zuel vu grouse Betriber, eng PME. Dat ass d'ailleurs och an deene meeschten anere Länner an Europa net anescht, mä werft awer trotzdem d'Fro vun der Zilsetzung op.

Engersäits ginn hei verschidden Nischen a grouss multinational Konzernern mat ganz geziilt moossgeschneiderte Gesetzter an Initiativen op Lëtzebuerg gelackelt - an duerfir ginn enorm Zomme bereetgestallt, zum Beispill 200 Milliounen fir de Space Mining -, an anersäits gëtt da mat enger vergläichbar klenger Strenz e bësse Geld fir déi 99% aner Betriber verdeelt.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Zu deene PMEe gehéieren déi sougenannte Mikroentreprise vum 0 bis 9 Salariéen, kleng Entreprisë mat Salariéen tëschent zéng an 49, an dann déi mëttel mat bis zu 249 Salariéen. Dat beinhalt also ganz verschidde Secteuren an Typen vun Entreprises, mat ganz ënnerschiddleche Besoinen.

De Bäcker mat fënnf Salariéen ass sécher net vergläichbar mam Grafikdesigner, och mat nëmme fënnf Salariéen. Mä alle béid befanne sech gewëssermoossen an enger Kategorie vu Betriber, zu där och gréisser Consulting- oder Affekotenetude kënne gehéieren, oder eben, wéi virdrun ugeschwat, héich kapitaliséiert a risikobehaft Start-uppen am Beräich vum Space Mining zum Beispill. Mir mengen, dass dat eent absolutt net mat deem anere vergläichbar

ass an dofir och eng aner, méi detailléiert Opschlësselung hei néideg wier.

Eng PME zu Lëtzebuerg huet am Schnëtt 13 Salariéen. Dat bedeit also, datt déi meescht PMEen eischer zu där Kategorie vun de Mikroentreprise gehéieren, also déi manner wéi zéng Salariéen hunn. Dat heescht dann awer och, datt dës Entreprises zum Beispill keng oder just eng kleng administrativ Abteilung hunn, déi sech mat den Demarchë fir d'Aidë vum Stat befaasse kann. Déi ganz kleng hunn also och hei en Nodeel par rapport zu deene méi grouse PMEen.

Ech wëll dann awer vläicht nach ofschléissend op zwee weider Aspekter kuerz agoen, déi d'Entwécklung vu klengen Betriber, besonnesch am Handwerksberäich, problematesch maachen. Dat ass engersäits déi héich Immobilienpräisser an natierlech d'Schoul an do virun allem d'Beruffsausbildung.

Fir déi meescht kleng Betriber ass d'Locatioun vu Büroen, Halen oder Ateliere wahrscheinlech mat deen héchste Käschtepunkt. Si konkurrenzéieren hei och mat finanzkräftege Betriber, déi, wéi aganks erkläert, ganz aner finanziell Virdeeler hunn. An och wa mer natierlech begrëssen, datt dëst Gesetz Hëllef fir d'Vergrëisserung oder d'Schafung vun engem Betrib virgesinn, dann heescht et awer och, datt iwwert deen dote Wee vill ëffentlech Gelder iwwert den Ëmwee vun engem Betrib awer erëm bei den Immobilienbesëtzer an Immobilienpekulante fléisse wäerten.

Dat Zweet, eng wichteg Hürd, besonnesch fir Handwerksbetriber, ass dee Manque, déi feelend qualifizéiert Main d'œuvre hei am Land. Si ass et nämlech, d'Main d'œuvre, déi Qualifikatioun ass et, déi d'Innovation an d'Kreativitéit liwwert, déi, mat deem, wat hinne zur Verfügung steet, Méiwärter schafft.

Zu Lëtzebuerg ginn et war ëmmer manner esou Leit, och well d'Formation professionnelle hei definitiv versee. De Gros vun den Handwierker zu Lëtzebuerg kommen dann och schonn aus den Nopeschregiounen all Dag an d'Land schaffen, mä och do ass d'Reserv net onendlech.

D'Stärkung an d'Diversifikatioun vun eise Tissu économique, mat Fokus op ökologesche Aktivitéiten, an ech denken do zum Beispill un d'energetesch Sanéierung vu Wunnhaiser, berout awer nun emol op enger qualifizierter an zuleméisseg grousser Main d'œuvre am Handwerksberäich.

Här President, mir fannen, datt grad an deem dote Beräich d'Regierung net esou vill Opweises hat an deene leschte Joren. Et gi riets a lénks kleng Mesuren ënnerholl. An dat heiten ass eng vun deene Mesuren. Mä mer vermëssen awer en zesummenhängend, konsequent Konzept, wat iwwert den Ausbau vun enger Rei Nischen erausgeet. Also eigentlech och eng aner Orientéierung vun der genereller Orientéierung vun eiser Wirtschaftspolitik.

Här President, mir stëmmen dëst Gesetz mat, well mer evidenterweis kee grondleeënde Problem hu mat deem, wat do drasteet. Alldéngs menge mer, datt fir d'Ënnerstëtzung vu klengen a mëttleren Betriber nach ganz vill Loft no uewen ass.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss an d'Wuert huet d'Madamm Francine Closener, Statssekretärin am Wirtschaftsministerium.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Francine Closener**, *Secrétaire d'État à l'Économie.* - Här President, als Eischer wëllt ech emol der Rapportrice Merci soe fir hiren exzellenten an ausféierleche Rapport an der Chamber a fir dee konstruktiven Debat.

Net méi spéit wéi haut de Moie war ech zesumme mam Aarbechtsminister bei der Presentatioun vu fënnf Handwerksbetriber hiren Projekten am Beräich vun der Digitaliséierung: ee Coiffeurssalon, ee Schlässer, een Installateur, eng Dréckerei an eng Schräinerei. Si hu ganz gutt verstanen, datt ee muss no vir kucken, sech eng Strategie ginn, fir de Sprong ze packen an d'Zukunft, fir de Sprong ze packen an déi digital Welt. An duerfir muss een investéieren, an nei Equipementer a Berodung, an natierlech och an d'Leit. An duerfir sinn ech och ganz frou, datt déi Handwerksbetriber derbäi si beim Pilotprojet „Digital Skills Bridge“, wou d'Ministère vum Travail a vun der Ëkonomie Hand an Hand schaffen, grad am Interessi och vun de PMEen.

Ech sinn och ganz frou, datt hei déi kleng a mëttelgrouss Betriber esou eng grouss Réckendeckung kruten. An ech muss jo awer hei e bëssen dem honorabelen Deputéierten Här Eischen widdersprechen. De Projet ass kengesfalls am Hauruckverfahren duerchgebauscht

ginn. Am Géigendeel! E gouf virun iwwer engem Joer deposéiert hei am Haus. A keen anere wéi ech wier frou gewiescht, wann dat méi séier hätt kënne goen, wa mer méi séier hei hätte kënne doriwwer debattéieren a stëmmen. Mä et ass eben esou, dass d'Chamber och hiren eegene Rhythmus huet an d'Regierung sech deem Rhythmus natierlech füügt.

Dës Regierung huet och derfir gesuergt, datt déi kleng a mëttelgrouss Betriber elo genausou gutt a gläichwäerteg behandelt ginn am selwechte Ministère, dem Wirtschaftsministerium, dass se also net méi de Parent pauvre sinn aus der Ëkonomie. An ech muss och derbäisoen, dass all Joer 14.000 Demanden traitéiert ginn, fir eben Handelsgeneemegungen ze kréien, an dass, wann den Dossier komplett ass, déi Geneemegung bannent enger Woch erausgeet. Wéi gesot, wa keng Piécë feelen - dat kann ech lech gär eng Kéier schwaarz op wäiss bewei-sen.

Dës Gesetzesprojet ass, an dat gouf schonn e puermol gesot, ee ganz wichtige fir eise Mëttelstand; a mengen Aen dee wichtigsten iwwerhaupt an dëser Legislatur.

Ob Betriber aus dem Handel, dem Handwierk, dem Horeca-Secteur oder der Industrie, all PMEen aus deene Secteuren, alleguerde krée se elo eng eenzeg legal Basis, an dat ass eng massiv administrativ Vereinfachung. Fir d'PMEen aus all Secteur gëtt et nëmme méi just en Usprichpartner, fir eng Investitiounshëllef ze kréien, a se falen all ënner ee Gesetz. An dat Gesetz hei ass dat lescht vun enger ganzer Rei vun neien Texter, mat deene mir an deene leschte Joren eis ganz Statshëllefën un déi nei europäesch Reglementatioun ugepasst hunn an dobäi fir eis Betriber de Maximum erausgeschloen hunn.

Fir datt d'PMEen och muer nach kënne mathalen, muss se, wéi gesot, investéieren, a mat dësem Gesetz gi se derzou incitéiert. Mir ënnerstëtzen de Mëttelstand mat deenen neien Aiden nach méi staark wéi bis elo, an d'Rapportrice huet allegueren d'Instrumenter an d'Moosnamen opgezielt.

Ganz wichteg ass effektiv, datt de Betrib, fir esou Bähëllefën ze kréien, muss eng Demande maachen, ier e mam Projet ufänkt. Fir genee ze sinn: ier en iwwerhaupt eng Commande erausgëtt. Natierlech ass dat grad fir e kleng Betrib een administrativen Opwand. Mä do féiert kee Wee dolaanscht. Dat ass vun Europa esou erwünscht an dat weess och jiddwereen, dee sech mat dëser Matière beschäftegt. Mir hunn do absolutt guer kee Choix.

Firwat ginn et keng Hëllefë méi fir Investissementer an d'Sécurité alimentaire? Ben, och do, d'EU-Regelen hunn dat net virgesinn, eisch-tens. An zweetens ass et esou, datt déi lescht Joren nëmme fënnf bis zéng Demanden d'Joer fir esou eng Aide am Kontext vun enger besserer Liewensmëttelsécherheet gemaach gi sinn. Am Verglach: Mir kréien ongeféier tëschent 800 an 900 Demandë fir Aiden d'Joer. Den Impact vun där doter Measure war also oder ass net besonnesch grouss.

En plus ass et esou, dass een awer nach elo, och mat dësem Gesetz, zum Beispill een neie Bistro, deen opgeet, am Kader vun enger Bähëllef och d'Investissementer fir d'Sécurité alimentaire matsubventionéiere kann. Wann de Betrib sech zum Beispill extern berode léisst zu deem Thema, da kritt e bis zu 50% rembourséiert.

Des Weideren ass et och esou, datt mer an Diskussiounen si mat der Chambre des Métiers, ob eng spezifesch Aide en faveur vun der Sécurité alimentaire geif Sënn maachen, wéi déi kéint ausgesinn, fir de Betriber entgéintzekommen, fir e gewëssene Succès ze hunn. Mir hätten do d'Méiglechkeet effektiv, e separate Regimm ze maache bei der Kommissioun zu Bréssel, awer déi ganz Prozedur dauert op d'mannst ee Joer. An ech mengen net, datt d'PMEen et verstanen hätten, wa mer dat heite Gesetz erausgezögert hätten, weinst deem dote separate Regimm, deen eventuell accordéiert gëtt vun der Kommissioun. Dat hätt wär sécher net am Sënn gewiescht vum Mëttelstand.

Fir dee ganze Regimm vun de PMEen ze finanzéieren, gesi mir an den nächste fënnf Joer ee Gesamtbudget vun 89 Milliounen Euro vir. Dat sinn 1,25 Milliounen pro Joer méi par rapport zum Budget, dee mer bis elo all Joer zur Verfügung haten.

Et ass also esou, dass de Budget, dass déi gesamt budgetär Enveloppe fir mëttelgrouss a kleng Betriber ëm 27% klëmmt. Et ass also eng ganz grouss Volontéit do, e politesche Willen do, fir de Maximum ze ginn, fir datt déi kleng a mëttelgrouss Betriber sech kënne opstellen, dass se kënne investéieren. Mir hëllefën hinne, souwäit wéi Bréssel eis et léisst.

An et ass och eng ganz staark Dynamik do. D'Investissementer gi staark an d'Luucht. Et



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

ginn der méi an och de Gesamtbudget klëmmt. Si investéieren, se bereede sech op d'Zukunft vir. An, wéi gesot, heimadder hëllef mer esou gutt, wéi et geet.

Nieft dësem Projet de loi gouf et awer eng ganz Hällewull vun aneren Initiativen, fir dem Mëttelstand ze hëllefen. Ech erënneren un den Aktiounsplang zugonschte vun de PMEen, dee bannent zwee Joer schonn zu zwee Drëttel ëmgesat ass. Ech denken, dass dat genuch ausseet.

Mir hunn och déi aner Aideregimmen allegueren iwwerschafft. Mir hu mam Bail commercial d'Locatioun vu Butteker méi kloer, méi gerecht geregelt. Mir hu mat eise Partner de Pacte pro commerce an de Pacte pro artisanat ënnerschriwwen, fir eben dës Secteuren ze dynamiséieren, ze begleeten um Wee vun der Digitaliséierung. Dëst alles am Sënn vun enger nohaltenger Entwécklung vun eiser Ekonomie. Eng Ekonomie, wou déi kleng a mëttelgrouss Betriber eng fundamental wichteg Roll spillen.

An ech soen lech, och ech kommen aus enger Famill, déi weess, wéi et ass. Mäi Papp war Commerçant an der Stad a mäi Bopa war Schräiner. Ech weess ganz genau, wat et heescht, fir aus esou engem Betrib ze kommen.

Duerfir, d'PMEe sinn effektiv net esou dacks an der Press wéi eng grouss Industrie oder déi déck innovativ Projeten. Dat brauche se och net an dat wëlle se och net. Si wëllen, dass ee sech ëm hir Problemer këmmert um Terrain an datt een hinnen hëlleft, déi Problemer ze léisen. Dat ass et, wat mer maachen. Effikassitéit ass dat, wat eis Wirtschaftspolitik auszeechent, an duerfir wier ech frou, wann d'Chamber och den Accord géif gi fir dëse Projet de loi.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der...

(**Interruption**)

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Dierft ech der Madamm Statssekretärin nach äntweren?

► **Mme Francine Closeener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - Selbstverständlech.

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Merci, Madamm Statssekretärin, fir d'Wuert. Ech hat et virdru just a menger Ried kuerz ugeschwat, déi 1.000 Euro, wou elo d'Limitt jo gesat ass, fir déi Ufroen do ze maachen. Dir sidd net weider drop agaangen.

Ass dat elo just aus administrative Grënn oder ass do eng Alternativ ugeduecht? Well mer awer der Meenung sinn, dass fir vill kleng Betriber, oder eenzel Betriber och, dat eng Hëllef wär.

► **Mme Francine Closeener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - Also virdru war déi Limitt bei 12.500 Euro. Elo ass déi Limitt bei 5.000 Euro. Ech sinn net ganz sécher, dass ech verstanen hunn, wat Der mer domadder wëllt soen.

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Déi 1.000 Euro, wou et eng Limitt gëtt.

► **Mme Francine Closeener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - Jo.

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Dat heescht, et müssen 1.000 Euro sinn.

► **Mme Francine Closeener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - 5.000 Euro!

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Drënner kritt een et net méi?

5.000 Euro. Okay. Merci fir dës Präzisioun!

(**Interruption**)

► **Mme Francine Closeener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - Et ass erofgesat ginn. Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

(**Interruptions**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech géif mengen, dass mer elo kéinten ofstëmmen iwwert den Ensembl vum Projet 7140.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7140 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Unanimitéit, mat 59 Stëmmen. 59 hunn der um Vott deelgeholl. Domat ass de Projet de loi 7140 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt (par M. Serge Wilmes), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten);

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Sam Tanson);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

D'Dispens vum zweete Vott: Ass d'Chamber dermat d'accord?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Projet iwwergeen, de Projet de loi 7279: eng Ofännerung vun der Benelux-Konventioun am Beräich vun der Propriété intellectuelle. An d'Madamm Tess Burton huet d'Wuert erëm.

5. 7279 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la Convention Benelux en matière de propriété intellectuelle (marques et dessins ou modèles), en ce qui concerne la mise en œuvre de la directive (UE) 2015/2436, fait à Bruxelles, le 11 décembre 2017

Rapport de la Commission de l'Économie

► **Mme Tess Burton (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut och iwwert de Gesetzestext 7279 of, deen den 13. Abrëll vun dësem Joer vum Ausseminister deposéiert a vum Wirtschaftsministère preparéiert gouf.

Zil vun dësem Gesetzestext ass et, d'Geneemung fir de Protokoll vum 11. Dezember 2017 ze kréien, fir de Benelux-Accord iwwert d'Pro-

priété intellectuelle ofzeänneren, fir datt mer konform si mat enger Bréisseler Direktiv vum 16. Dezember 2015.

Mam Protokoll kënnen mer d'Dispositiounen aus der Direktiv an eis national Gesetzgebung aschreiwen. D'Direktiv, déi bis de 14. Januar 2019 ëmgesat soll sinn, soll d'Harmoniséierung vun de Markerechter innerhalb der Europäescher Unioun stäerken a viséiert och, fir déi national Schutzsystemer vu Markerechter méi eenheetlech ze gestalten.

D'Direktiv deckt souwuel inhaltlech wéi och verfahrenstechnesch Aspekter of an ziilt op eng Moderniséierung an och Vereinfachung vun de Registréierungssystemer of, well d'Interessengruppen ëmmer méi schnell, besser an harmoniséiert Registréierungssystemer fuerderen.

Gläichzäiteg wëllt een dann dee ganze System och kohärent a userfrëndlech maachen, méi zougänglech fir de Public a mat den neiesten Technologien ausstatten, déi dem Wuesstum an der Kompetitivitéit vun europäeschen Entrepreneuren, besonnesch de PMEen, also de klengen a mëttelstännige Betriber, zeguttkommen.

D'Zuel vun de Registréierung soll dann domat och an d'Luucht goen.

Zousätzlech ass d'Direktiv geduecht, fir d'Harmoniséierung vum Handelsmaart an der Europäescher Unioun ze verstärken an den nationale Markesystem, an dësem Fall Benelux, mat deem aktuellen EU-Reglement ze harmoniséieren, mat enger Komplementaritéit tëscht dem Markesystem vun der EU an den eenzelnen nationale Markesystemer.

De Benelux-Accord iwwert d'Propriété intellectuelle setzt d'Dispositiounen vun der Direktiv, déi quasi all obligatoresch sinn, dann och getrei ëm: ob Representatioun vun de Marken, ob Koexistenz vun de Marke mat hirer Appellation d'origine protégée oder nach spezifesch Dispositiounen, déi et engem Titulaire vun enger Mark erlaben, géint een aneren ze agéieren, dee seng Mark ouni dem Titulaire seng Autorisatioun géif benotzen, oder nach Rechter vun den Titulairé vun de Marke sinn an den Dispositiounen festgehalen. Esou sinn d'Rechter vum Titulaire vun enger Mark an Zukunft vill besser geschützt.

Här President, als Erënnerung: D'Mark Benelux gëtt et schonn zënter iwwer 47 Joer, also genau zënter dem 1. Januar 1971.

Déi éischt Direktiv, déi déi national Gesetzgebung vun den deemolege Memberstate sollt zesummebréngen, ass vum 21. Dezember 1988. Säit 1994 gëtt et en europäescht Reglement, dat d'Marque communautaire amplaz gesat huet, an déi éischt Kodifikatioun vun der Direktiv an dem Reglement gouf 2008 vollbruecht. An duerno koumen d'Protokoller.

Kuerz nach e Wuert zu den Avisen. D'Chambre de Commerce huet den 11. Mee hiren Avis ofginn, an deem si de Projet de loi begréisst. Gradesou wéi de Statsrot, deen de 24. Abrëll säin Avis ofginn huet an deen och säin Accord zum Projet ginn huet.

Voilà. Dëst gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech lech villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech hunn eng Rei vun Aschreiwungen, wou et mer awer schéngt, dass jiddwereen nëmmen den Accord wëllt ginn.

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann dat esou ass, géif ech der Madamm Octavie Modert, dem André Bauler, dem Gérard Anzia, dem Gast Gibéryen an dem Marc Baum Merci soe fir den Accord.

(**Hilarité**)

► **M. André Bauler (DP).** - Et ass gär geschitt, Här President!

► **M. Alexander Krieps (DP).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà! An ech géif der Madamm Statssekretärin d'Wuert ginn.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Francine Closeener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - Ma da géif ech och villmools Merci soen, Här President, och der Rapportrice nach eng Kéier fir dee gudde Rapport. An ech hoffen, dass d'Chamber dann dee Projet stëmmt.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da géife mer dat och esou maachen a mir géifen iwwert de Projet de loi 7279 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7279 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass eriwwer an de Projet de loi 7279 ass eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marco Schank), Nancy Arendt (par M. Claude Wiseler), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Spautz), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz);

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Kréie mer den Accord fir d'Dispens vum zweete Vott? Ass dat esou?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zu deem leschte Punkt vun eiser Sëtzung iwwergeen: de Projet 7119 iwwert d'Zousazversécherunge fir liberal an onofhängeg Beschäftegter. Den Här Georges Engel als Rapporteur huet d'Wuert.

6. 7119 - Projet de loi portant:

1. transposition de la directive 2014/50/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relative aux prescriptions minimales visant à accroître la mobilité des travailleurs entre les États membres en améliorant l'acquisition et la préservation des droits à pension complémentaire;

2. modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 relative aux régimes complémentaires de pension;

3. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei, wéi de President gesot huet, ëm d'Régimes complémentaires de pension, kuerz RCP genannt; den zweete Pilier vun eiser Altersversécherung. Den éischten an den drëtte kennt Der.

Pensiounsversécherungen, déi iwwer Betriber ofgeschloss ginn, do hu mir keng ganz grouss Traditioun hei zu Lëtzebuerg, well eis éffentlech Pensiounsregimier gutt fonctionnéieren an och gutt Leeschtunge bidden, wat sécherlech de Verdéngscht ass vun deene Regierungen, déi virdru waren, well se eis d'Pensiounen ëmmer esou gutt héichgehalen hunn.

Zanter dem Gesetz vum 8. Juni 1999 gëtt et e legale Kader fir d'Régimes complémentaires de pension, wat eng staark Evolutioun an deem Beräich mat sech bruecht huet, well hate mer 1999 nach ronn 400 Betriber, esou läit d'Zuel an Tëschenzäit bei 2.600 Betriber, déi esou eng Pensioun ubidden.

De Regierungsprogramm vun 2013 huet du virgesinn, datt dee legale Kader soll adaptéiert ginn. An dat gëtt och mat dësem Projet de loi